ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 25/01/2026

Rapport vun der Ëmwelt-Kommissioun vum 8.12.2025

Punkt 1: Presenzen

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present	Observateuren a Experten
Lesch Luc	Sedrani Catherine (entschëllegt)	
Losch Gilles	Stocco Mauro (entschëllegt)	
Malherbe Louis	Quazzotti Luca (entschëllegt)	
Pesch Serge		
Winandy Tom		
Wirtz Pascal		
Wirtz Pit		
Vosman Joske		

Punkt 2: Validatioun vum Rapport vun de Kommissiounssëtzunge vum 28.04.2025

De Rapport vun der Kommissiounssëtzung vum 28.04.2025 gouf unanime ugeholl.

Punkt 3: Organisatioun Grouss Botz vum 28.03.2026

Esou ewéi an der leschter Kommissiounssëtzung festgehalen ass d'Grouss Botz den 28 Mäerz 2026 um 9 Auer zu Bruch an der Koll

• D''Verdeele vun den Tier soll am beschte vun 3 Léit gemaach ginn

Helperknapp, 25/01/2026

• aktuell Tier sinn ënnert follgendem Link ze fannen: http://g-o.lu/3/mqNL

• Iesse soll fir 12 Auer bestallt ginn (Winandy Tom)

- Ierzebulli mat Speck a Mettwurscht
- Spagetti Bolognese fir d' Kanner
- Kaffi mat engem Stéck Taart
-Gedrénks

• Minibus vun der Gemeng mat fir eventuell verschidde Gruppen op den Ausgangspunkt vun hirem Tour ze feieren. 2 Camionnettë fir Dreck anzesammelen.

• Reklamm (Losch Gilles):

- Ansebuerg Schlass froen (Här Hild)
- D' Veräiner uschreiwe per E-mail
- D'Grouss Botz op dem Internetsitt, Buet, op der App an op Facebook vun der Gemeng publizéieren
- Flyer un d'Haushalter verdeelen
- Flyer an d' Hausaufgabebichelchen vun de Schoulkanner leeën

Punkt 4: Staarkreenétude Gemeng Helperknapp suivi

No dem Staarkreen vum 8. op den 9. September 2025 hu mer an der Kommissioun kuerz de Bilan gemaach ewéi d'Situatioun an der Gemeng a speziell tëscht Brouch a Sëll war. Bei dësem Staarkreen war tëscht Brouch a Sëll kee Problem, well de Kär vum Staarkreen ëstlech vu Brouch a Richtung Recken louch. An der Géigend vum Openthalt war liicht Erosioun an de Stecker festzestellen, wat awer zu kenge Problemer gefouert huet.

Punkt 5: Asiatesch Runn

Helperknapp, 25/01/2026



Op Initiative vum Malherbe Louis hu mir dëse Punkt mat op d' Dagesuerdnung geholl.

D'asiatesch Runn ass als invasiv Aart agestuuft, déi sech zanter de leschte Jore rasant an onse Géigende verbreet. De gréisste Problem mat der asiatescher Runn ass, datt si eng grouss Gefor fir d'Hunnegbeien duerstellt. Si lauert virun de Beiestäck a fänkt d'Beien, fir se ze friessen. Dat schwächt d'Beievëlker staark a kann dozou féieren, datt ganz Stäck zesummebriechen. Doduerch gëtt och d'Bestëbse vun de Planzen a Gefor bruecht, wat wichteg fir d'Natur an d'Landwirtschaft ass. D'asiatesch Runn baut grouss Näschter, meeschtens héich an de Beem oder un Haiser. Aktuell ass et esou dass een d' Näschter soll op der Mailadress vun der Forstverwaltung neobiota@anf.etat.lu mellen. De Problem hei ass dass dëse Service just aus engem Mann besteet an hei just Näschter op ëffentleche Plazen ewechgeholl gi wou eng direkt Gefor besteet. Fir déi rasant Verbreedung vun dëser Runn anzedämmen ass et awer néideg e Maximum vun Näschter ewech ze maachen.

Verschidde Gemengen esou ewéi ënner anerem d'Gemeng Habscht huet Flyeren erausgi fir hier Bierger ze informéieren a bedeelegen sech och un den Onkäschte fir d'Näschter ewech ze maachen. Dofir stellt d'Kommissioun och d'Fro un de Schäfferot op esou eng Initiativ net och vun onser Gemeng kéint ausgoen.

Helperknapp, 25/01/2026

Punkt 6: Verschiddenes

Di nächst Kommissiounssëtzung ass den 9 Mäerz 2026.